# Schwätz mat !

Sproochniveau
**B1/B2**
**LU**

## Erënnerung un den Zweete Weltkrich

### De Krich




Propagandaposter, Wikipedia, CC BY-SA 4.0

Wärend dem 2. Weltkrich ass Lëtzebuerg vun Nazi-Däitschland besat. D'Nazien applizéieren hir rassistesch Ideologie och bei ons. Déi 3.900 Judden a Jüddinnen, déi 1940 zu Lëtzebuerg liewen, verléieren hir Rechter a ginn a Gettoen a Konzentratiounslager (KZ) deportéiert. Se gi bal all ëmbruecht. Ënnert dem Nazi-Regimm ginn och aner Minoritéiten diskriminéiert, agespaart an ermuert. Déi däitsch Administratioun well d'Bevëlkerung „germaniséieren", also zu Däitschen erzéien. Ëm déi 4 % vun de Lëtzebuerger*innen ënnerstëtzen dee Regimm aktiv, vill anerer verhale sech passiv. Lëtzebuergesch Jongen a Meedercher mussen e puer Méint an Däitschland oder an annexéiert Gebidder schaffe goen. Wéi d'Nazie jonk Männer ab 1942 zwéngen, fir si an de Krich ze goen, wielt en Deel vun der Bevëlkerung de Widderstand. Vill Leit bezuelen dee Choix mat hirer Fräiheet oder mat hirem Liewen. D'Resistenz huet vill Formen. Hei zu Lëtzebuerg geschitt se meeschtens ouni Waffen. 2.000 Jongen, déi an d'„Wehrmacht" goe sollen, gi vun der Resistenz verstoppt. 1.500 anerer desertéieren aus der däitscher Arméi. E puer gi si bei déi belsch oder franséisch Resistenz, anerer an eng vun den alliéierten Arméien. Wann d'Nazie Membere vun der Resistenz fonnt hunn, si se an d'KZ komm, d'Männer oft op Hinzert, d'Fraen an d'KZ Ravensbrück. Am Dezember 1944 starten d'Nazien eng lescht Offensiv an den Ardennen am Osten an am Norde vum Land. Ganz Dierfer a Stied ginn zerstéiert an et ginn ëm déi 300 zivil Affer gezielt.

### D'„Journée nationale de la commémoration"

No der **Liberatioun** wëll een un d'Resistenz an d'Affer vum Krich erënneren. Dofir gëtt et all Joer am Oktober eng national Commémoratioun an de Gemengen. An der Stad leet de Groussherzog um Kanounenhiwwel (*monument national de la Solidarité luxembourgeoise*) eng Gerbe nidder a fänkt déi éiweg Flam (flamme du souvenir) nei un. Un der Zeremonie huele Membere vun der Regierung a Vertrieder*inne vun Embassaden deel. Patriotesch Vereenegungen sinn och vertrueden. Si representéieren d'Resistenz, déi **zwangsrekrutéiert** Jongen a Meedercher an d'Affer vun der **Shoah**.
Duerno gi Blummen beim Denkmal fir d'Affer vun der Shoah niddergeluecht. Aner Zeremonië gëtt et nach bei der Gëlle Fra (*Monument du Souvenir*), beim Memorial vun der Deportatioun op der Hollerecher Gare a beim Hinzerter Kräiz.

### Wuertschatz

**besetzen** – en anert Land mat senger Arméi okkupéieren
**ermuerden** – ëmbréngen, dout maachen
**annexéieren** – okkupéieren, wann e Land en anert (oder en Deel dovunner) eruewert an als eegenen Territoire bezeechent
**e Gebitt** – en Territoire, e Stéck Land
**de Widderstand** – hei: Organisatiounen, déi sech géint de Faschismus an d'Okkupatioun vum Land wieren
**d'Resistenz** – hei: eng organiséiert Beweegung géint de Faschismus an den Nationalsozialismus
**d'Liberatioun** – zu Lëtzebuerg: D'Befreiung vun der Nazi-Okkupatioun duerch déi amerikanesch Arméi
**zwangsrekrutéieren** – wa Leit an engem okkupéierten Territoire gezwonge ginn, ze schaffen oder an déi friem Arméi ze goen; d'Zwangsrekrutéierung ass e Krichsverbriechen
**d'Shoah** – dat systematescht Ermuerde vun den europäesche Judden a Jüddinnen am Zweete Weltkrich

Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2025) ISSN 3122-1114

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung
www.zpb.lu

**Ënnersträich déi Sätz, déi bei d'Biller passen. Erklär, wat ee gesäit.**



© Tony Krier, 1941



© Service information et presse du Gouvernement 2023



© Ville de Esch 2023



© ZpB 2025

## Gespréich

Schwätz mat aneren Apprenanten!
Notéier fir d'éischt e puer Stéchwierder!

- Ass et fir dech wichteg, dass un den 2. Weltkrich erënnert gëtt? Firwat?
- Spielt das Gedenken an den 2. Weltkrieg eine Rolle in deinem Gëtt an dengem Heemechtsland un dëse Krich erënnert? Wéi gëtt dat gemaach/organiséiert?

## Recherche

Fann eraus, wou déi eenzel Monumenter aus dem Text stinn.

## Rollespill

Schafft a klenge Gruppen. Dir sidd an ärer Gemeng responsabel fir d'Theema „Memoire". Iwwerleet, wéi een d'Mënschen aus der Gemeng mat dësem Theema a Kontakt bréngen kann.
Haalt är Propose fest a stellt se duerno vir.

**Méi Infoen zum Theema? Scann dëse QR-Code.**